



huet do en exzellente schrëftlechen an och mëndleche Rapport gemaach, fir deem ech him wëll vun onser Säit aus e ganz grouse Merci soen.

Dat Gesetz huet missen an Urgence diskutéiert ginn, well den Délai fir d'Transposition vum der Direktiv eriwwer wor. Mir hunn also missen an der Commission juridique eng etlech Problemer diskutéieren, a bei deenen Diskussiounen hu mer da gemierkt, datt sech och nach e puer Problemer gestallt hunn am Gesetz selwer. Mä, wa mer elo déi Amendementer, déi ech zum Beispill an der Kommissioun proposéiert hat, diskutéiert an nogeholl hätten, wann ee vläicht aner Amendementer virgesinn hätt, da wier manifestement den Délai fir d'Transposition vum der Direktiv wäit no hanne geruscht.

Duerfir, mengen ech, hu mer haut e gudde Moya fonnt zesumme mat der Regierung, déi och offe war, fir op dee Wee ze goen, datt mer iwwert de Wee vun enger Motioun elo festhalen, datt verschidde Problemer nach eng Kéier diskutéiert ginn, während engen néng Méint sollen och analyséiert ginn, an datt deen Ablack gegebenenfalls soll eng nei Proposition kommen, entweder um legislative Wee oder iwwert de Règlement grand-ducal oder soss iwwert d'Modalitéiten, déi mer nach sollen diskutéiert kréien.

Mä dat Wichtigst ass, datt mer eng Hauptproblematik musse léisen. Dat ass déi Definition, déi Aarbecht, déi vun engem Réviseur d'entreprises agréé gemaach gëtt, datt mer do en Distinguo maachen. Den Distinguo besteet doranner, datt e Réviseur d'entreprises agréé kann op Basis vun der Gesetzgebung, dem Projet de loi, wéi mer en elo virleien hunn, bal alles maachen.

De Réviseur d'entreprises, wéi mer en elo kennen, a wéi en elo am Gesetz definiert ass, deen huet eng ganz limitéiert Aufgab. Sou datt also all déi Entreprises, déi an dem Revisionsberäich tätég sinn, déi sech ëm Kleng- a Mëttelbetriber këmmere, mä och déi Entreprises, déi sech ëm déi grouss Betriber këmmere, ëm déi Entités d'intérêt public, wéi dat elo technesch genannt gëtt, dat heescht ëm déi Entreprises, déi op de Bourssé cotéiert sinn, elo ënner eng eenzeg Definition falen. An dorausser ergëtt sech dann natierlech, theoretesch weinstens, d'Noutwendegkeet, datt jiddwereen, deen den Titel huet vu Réviseur d'entreprises agréé, muss allegueren déi Formationen, déi gefuerdert si vun der CSSF, vun der Autorité de contrôle, matmaachen.

Or, et ass evident, datt eng etlech Cabinet vu Révisseuren sech nuren ëm déi mëttelstänneg Betriber këmmere an datt se net wëllen hunn, fir sech ëm déi grouss Public entities ze këmmere, déi op de Bourssé cotéiert sinn. Et ass evident, datt deen Ablack och d'Formation vum deene Leit muss eng aner si wéi déi vun de Révisseuren a vun deene Cabineten, déi sech ëm déi grouss Betriber këmmere.

Duerfir ass et scho wichtig, datt een eng Differenzierung mécht. Well wann ee géif higoen an allegueren deene méi kleng Cabinets de révision déiselwecht Obligation um Niveau Formation ginn, da wier et kloer, datt se dat net kënnen maachen an datt se misste mat deem ganze Betriber ophalen an deen eventuell souguer un déi aner gréisser, un déi „big four“, un déi grouss Révisseursgesellschaften ofginn.

Dat dierf et net sinn, an duerfir ass et och richtig, datt mer elo versiche fir e Modus Vivendi ze fannen, fir datt déi eng hire Missionne kënnen gerecht ginn, déi sech ëm déi Kleng- a Mëttelbetriber këmmere, an och datt ganz streng Normen opgestallt gi fir déi Leit, déi Entreprises, déi Cabinets de révision, déi sech ëm d'Entités d'intérêt public këmmere.

Dat schéngt mer op jiddwer Fall eppes ze sinn, wat fundamental ass, well et gesäit een, datt de Réviseur d'entreprises agréé zum Beispill den Apport an eng Gesellschaft muss kënnen evaluéieren. Mä den Apport bei enger Gesellschaft cotée en bourse, wéi zum Beispill ArcelorMittal, ass

mat enger anerer Problematik verbonden. Oder eng Bank ass eng aner Problematik, wéi wann ee muss evaluéieren, wéi vill de Büro wäert ass, deen een an eng kleng S.à.r.l. vun engem Supermarché wëllt erabringen. Dat sinn zwou verschidde Missionen. Dat bedeit, datt een och net muss fir deen, dee just dee Büro muss evaluéieren, déiselwecht Formation hunn a verlaangen, wéi fir deen, dee muss en Apport vun enger neier Gesellschaft an e groussen internationale Grupp mat erabringen.

Duerfir ass dat heiten, mengen ech, eng gutt Geleeënheet gewiescht, fir ze kucken, datt een eng Verbesserung, eng Differenzierung mat erakritt. An duerfir sinn ech och frou, datt déi Motioun hei eestëmme vun alle Parteien ka matgedroe ginn, an datt d'Regierung, esou hu se et weinstens an der Commission juridique gesot, och bereet ass, fir déi Motioun do unzuhelen.

Ech mengen, datt et wichtig ass, datt mer hei esou eng Differenzierung gemaach hunn. Wat d'CSSF ugeet als Kontrollorgan, esou mengen ech, datt dat eng gutt Lösung ass, well deen Ablack allegueren déi, déi wëlle Réviseur d'entreprises agréé ginn, bei der CSSF müssen eng Demande maachen. A wann een dann herno bei der Kontroll eng Differenzierung mécht, datt déi méi kleng Betriber, déi sech also net ëm Public entities këmmere, solle méi vum IRE kontrolléiert ginn, dat schéngt mer eng Solution de bon sens ze sinn.

Duerfir kënnen mer och mat der Gesetzgebung, wéi se elo virgeschloen ass, a mat der Reserv natierlech vun der Motioun... wollt ech awer den Accord vun der ADR zu deem Gesetzesprojet bringen.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Henckes, an elo kritt nach ganz schnell d'Wuert den Här Braz, deen et gefrot huet. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Félix Braz** (déi gréng). - Merci, Här President. Ech wëll just am Numm vun der grénger Fraktioun d'Zoustëmmung zum Projet bringen, awer och dem Här Roth Merci soe fir säi Rapport. En huet och hei, wéi mir fannen, méi wéi nëmmen d'Aarbecht vum Rapporteur gemaach. En huet och nach probéiert zu Konsenser bäize droen a Reuniounen ausserhalb vun der Kommissioun. Also Merci duerfir.

Mir wëlle just och nach ënnersträichen, dass bei deem Projet de loi an eisen Aen den Text, dee mer jo laang diskutéiert hunn - well mer wossten, dass och aner Optionne méiglech gewiescht wieren, mer awer par élimination eigentlech zu deem Text komm sinn -, mer awer och wëssen, dass ganz vill vun deem, wat och d'Revisseuren interesséiert, am Règlement grand-ducal wäert gekläert ginn.

Dat ass net d'Kompetenz gewiescht vun der Chamber. Mir wëssen awer, dass do villes wäert drastoe kommen, wat wirklech déi Leit ganz staark interesséiert, an och à juste titre. Duerfir ass fir eis och déi Motioun, déi mer matgedroen hunn, ganz wichtig, a mir wäerten och als Parlament dann an engem Joer eis nach eng Kéier mat dëser Matière beschäftegen a kucken, wat fir en éischte Bilan ka gezu ginn, fir eventuell als Chamber och nach eng Kéier aktiv ze ginn, wann et misst sinn.

Duerfir vill Bedeutung haut op d'Motioun an och op de Bilan, dee mer wäerten zeien. Dat gesot, brénge mer d'Zoustëmmung zu deem Projet.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Braz. An elo kritt d'Wuert den Här Justizminister François Biltgen.

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice*. - Merci, Här President. Erlaabt mer och fir d'Alleréischte Ärem Rapporteur, dem Gilles Roth, Merci ze soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Bericht, well en effektiv et fäerdeg bruecht huet, eng ganz komplex Matière verständlech duerzeleeën. Et ass e Gesetz, wou een natierlech gär seet: „Et ass eng technesch Matière“, an da geet een driwwer ewech, an da geet och dobaussen an der Öffentlechkeet een driwwer ewech.

Et ass awer eng extrem wichtig Matière, och fir d'Kreditabilitéit vu Lëtzebuerg, net nëmmen, mä och als Finanzplaz. An duerfir ass et scho wichtig, dass mer hei versicht hunn en Text ze maachen, deen dobausse garantéiert, dass mer seriö sinn,

wat jo heiansdo a Fro gestallt gëtt. Ëmsou méi wichtig ass et, dass mer elo kucken déi Direktiv, wou mer iwwerfällég waren, ëmzesetzen. De Projet de loi ass awer vu mengem Virgänger schon am Abrëll 2008 deponéiert ginn, just fir dat ze soen.

Et ass och fir mech als Justizminister eng Erfahrung, mengen ech, déi ech nach ni hat, obwuel ech schon zéng Joer Minister sinn. Ech war elo e puer Méint en charge vun deem Projet de loi, dee scho praktesch fäerdeg war, vum Statsrot aviséiert, mat deem Resultat, dass ech elo, soubal en hei vun lech gestëmmt ass, iwwerhaupt näischt méi mat deem Projet de loi da wäert ze dinn hunn, an och mam Gesetz a mat de Règlements d'exécution.

Et ass e Projet, dee mäi Virgänger als Justizminister deponéiert huet, a wann et eriwwer ass, da kritt mäi Virgänger en erëm, awer net méi als Justizminister, mä als Finanzminister dierf hien en dann exekutéieren. Duerfir sinn ech och frou, dass en de Mëtteg bei eis ass.

Et ass och esou, dass mer eng ganz Partie vun deene Reglementer, vun deene mer geschwat hunn, amgaang sinn och esou séier wéi méiglech fäerdeg ze maachen, notament den Taxereglement, wou d'CSSF do och zum Beispill mam IRE driwwer diskutéiert huet.

Ech sinn och ganz frou, dass d'Membere vun der Chamberskommissioun hei der Meinung waren, et sollt een net elo all Fro, déi sech kënn stellen, versichen duerch nei Amendementer ze léisen, mä eis den Auftrag ginn hunn, fir ze kucken do hannendrun ze bleiwen als Regierung. Duerfir, ech schwätzen och am Numm vum Finanzminister, dee jo d'Gesetz elo ëremkritt, kënnen mer als Regierung déi dote Motioun absolut unuhelen.

Et kommen natierlech eng ganz Partie Neierungen, och am Zesummeliwwen am Land vun deenen eenzelnen Institutionen. D'CSSF, dat ass scho gesot ginn, hätt ee kënnen duerch eng aner Autoritéit ersetzen. Mir huten dat och am Virfeld diskutéiert, an Dir hutt et och diskutéiert. De Problem vun engem kleng Land wéi Lëtzebuerg ass, fir dauernd nei Autorités indépendantes opzerichten, déi sech ëmmer erëm mussen nei mat der Fro auserneeetzen: Wéi agéiers de als Autorité indépendante? Dat ass ganz, ganz schwierig. D'Philosophie ass eng, déi kënn aus dem angelsächsesche Raum, mir hunn net déi Tradition vun Autorités indépendantes. Duerfir ass et scho gutt, dass mer elo dat net multiplizéieren am Land. Mir hunn der schon eng ganz Partie, mä et ass d'CSSF. Et gëtt mat allen eventuelle Schwierigkeiten, déi do kënnen kommen oder net.

Den IRE, dee seng 20 Joer gefeiert huet, dee wäert och weiterbestoen. Den IRE wäert och elo aner Missionne kréien. Dee muss och mat der CSSF zesummeschaffen. Ech mengen et ass och wichtig, dass deen IRE awer weiterbesteeft fir zwou Zorte vu Révisseuren, souwuel déi eng, déi normal Révisseuren, wéi déi Agréés, well et och wichtig ass, dass déi Professionen sech selwer Qualitätsstandarde setzt an no vir kënn.

An deem Sënn ass et esou, dass de Justizminister awer nach eppes Klenges domat ze dinn huet, obwuel net méi mat der Profession, mä mat de Professionellen - well alles, wat d'Normes comptables ublaangt, wou mer elo endlech och e Plan comptable uniforme zu Lëtzebuerg hunn, ass et de Justizminister, dee weiter an deene Gesetzgebunge maassgebend bleift -, an dass en och do mat deenen eenzelnen Entitéiten wäert zesummeschaffen. An deem Sënn sinn ech frou hei ze spieren, dass dëse Projet eng Unanimitéit fënn. Ech mengen et ass eng gutt Saach fir Lëtzebuerg.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Justizminister Merci, a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5872.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmme. Dann de Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5872 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmme an 1 Enthaltung

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 5872 est adopté par 59 voix pour et 1 abstention.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Raymond Weydert), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Nancy Arendt), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par Mme Claudia Dall'Agnol), Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

S'est abstenu: M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Vote sur la motion 1

An dann hu mer hei nach iwwer eng Motioun ofgestëmmt, déi vum honorabelen Här Roth erabruucht ginn ass. Vu datt all Fraktiounen déi Motioun matdroen, ginn ech dovun aus, datt mer déi kënnen à main levée ofstëmme.

Duerfir géif ech froen: Wien ass mat der Motioun d'accord?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Da wier déi Motioun mat enger Enthaltung ugeholl.

Da kéime mer elo zum Projet de loi 6064 iwwert de Bac international. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht, an hei hu sech schon ageschriwwen: déi Häre Schaaf, Bauler, Braz a Kartheiser. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Fernand Diederich, Dir hutt d'Wuert.

4. 6064 - Projet de loi portant modification de la loi du 21 juillet 2006 autorisant le Gouvernement à organiser des classes internationales préparant au diplôme du Baccalauréat international

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

► **M. Fernand Diederich** (LSAP), *rapporteur*. - Merci, Här President. Madame Minister, Dir Häre Ministeren, Kolleginnen a Kollegen, de Gesetzesprojet 6064, deen eis hei virläit, ass den 2. September 2009 vun der Madame Minister vun der Éducation nationale déposiert an den 3. Dezember an der Kommissioun presentéiert ginn, nodeem de Statsrot de 24. November en Avis favorable ofginn hat. D'Gesetz besteet aus engem eenzegem Artikel, duerch deen den drëtten Alinea vum Artikel 3 vum Gesetz vum 21. Juli 2006 iwwert de Bac international ofgeännert gëtt.

D'Kommissioun vun der Éducation nationale an der Formation professionnelle hat deemools an hirem Rapport drop higewi-



sen, datt ongeféier 150 jonk Leit tëschent zweielef a 15 Joer all Joer op Lëtzebuerg kommen a jee no hiren intellektuelle Fäegkeete solle scolariséiert ginn. Den Accès zu de klassesche Secondairstudien bleift hinne oft verwiert, obscho se déi intellektuell Capacitéiten hätten, fir Studien op dësem Niveau ze maachen. Och wa se sech a relativ kuerzer Zäit dat néidegt Wëssen am Franséischen uneegnen, esou schaffe se et net gläichzäiteg déi däitsch Sprooch um selwechten Niveau ze beherrschen, esou wéi hir Kollegen, déi duerch d'Lëtzebuerger Grondschoul gaange sinn.

Fir deene Schüler et ze erlaben, postprimaire Studien an der Lëtzebuerger öffentlecher Schoul ze maachen an hir Fäegkeeten net duerch hir Problemer am Däitsche verluer goen ze loossen, mä am Interessi vun dem Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg ze développéieren, gouf duerch d'Gesetz vun 2006 d'Méiglechkeet vum Bac international geschaf, dëst och am Hëllef op d'Chancégerechtkeet fir déi Kanner, deenen hir Elteren d'Moyenen net hunn, de Minerval vun de Privatschoulen ze bezuelen.

De Moment gëtt de Bac international zu Lëtzebuerg an zwee Lycéeën ugebueden. Sait dem Schouljoer 2006/2007 am Lycée technique du Centre, mat der éischter Sprooch Franséisch, der zweeter Sprooch Englesch an der drëtter Sprooch Däitsch. Op de 15. November 2009 besichen 48 Studenten d'Klasse vu Quatrième bis Première. Dëse Bac gëtt gëriert vun der Organisation vum Baccalauréat international, déi hire Sëtz zu Genf huet an dem LTC den Agrément erdeelt huet. De Bac international ass equivalent mat dem Lëtzebuerger Diplôme de fin d'études secondaires an erlaabt den Accès zu universitéaire Studien.

No der Schafung vun dëse Klassen ass aus de Wirtschafts- a Finanzkreesser eraus d'Demande erakomm, fir och esou Klasse mat der Haaptprooch Englesch ze organiséieren. Sait dem Schouljoer 2007/2008 gouf den Athénée Lëtzebuerg autoriséiert, eng Classe d'accueil mat der Bezeichnung „Classe de cinquième internationale“ ze schafen, an op de 15. November 2009 besiche 54 Schüler d'Klasse vu Cinquième bis Troisième, mat der zweeter Sprooch Franséisch an der drëtter Sprooch Däitsch. D'Prozedur fir den Agrément säitens dem Athénée ass amgaang.

Well de Législateur awer, mat Bléck op d'Bedeitung an d'Virdeeler vun der Méisproochegkeet, op d'Kenntnisser an der drëtter Sprooch, am Däitschen also, Wäert geluecht huet, war eng Bedéngung zur Zouloossung zum Exame fir de Bac international, datt de Schüler e véierjährege Studienzyklus an der däitscher Sprooch misst kënnen nowiesen. Mat der Zäit huet sech awer erausgestallt, datt dës Sproochekonditioun der gewünschter Absicht net gerecht gëtt. Engersäits hunn eng Rei Kandidaten, déi sech op e véierjährege Zyklus kënnen beruffen, trotzdem net déi erfuerderlech Kenntnisser, wougéint anerer, déi méi schnell ee méi héije Wëssensstand kënnten erreechen, opgrond vun der véierjähreger Bedéngung net zum Examen zougelooss ginn.

Opgrond vun dësen Iwwerleeunge gëtt am Article unique vum neie Projet de loi dee véierjährege Zyklus ofgeschafft, an et gëtt festgeluecht, datt d'Schüler den Niveau A2 vum gemeinsame Referenzkader fir d'Sprooch mussen erreecht hunn, esou wéi e vum Conseil de l'Europe festgeluecht ass. Et handelt sech ëm en Niveau, deem am Kader vun de Kompetenzsoclé festgesat ass, an deem all d'Schüler vun der Lëtzebuerger Grondschoul mussen erreecht hu virum Wiessel an den Enseignement postprimaire.

Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, dës Modifikatioun vum Gesetz vum 21. Juli 2006 schafft eng Ongereimtheet aus der Welt an erlaabt et, de Wëssensstand vun de Schüler op eng méi objektiv Aart a Weis festzustellen. Se stellt domat eng Verbesserung duer fir déi jonk Leit, déi sech der Épreuve vum Bac international wëlle stellen.

An deem Sënn ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Rapporteur, dem honorabelen Här Diederich, Merci. Als éischte Riedner ass den Här Jean-Paul Schaaf agedroen. Här Schaaf, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Jean-Paul Schaaf (CSV).** - Här President, léif Kollegen, Madame Minister, esou wéi dee Projet hei eigentlech séier duerch d'Chamberskommissioun gaangen ass, esou wéi de Statsrot keng Remarque dozou gemaach huet, an esou wéi de Rapporteur en hei ganz séier rapportéiert huet, an dat, mengen ech, och ganz ausféierlech gemaach huet, bleift mir am Fong geholl un éischer Stell, him, dem Fernand Diederich, vun dëser Plaz aus Merci ze soe fir säi Bericht.

Et ass, wéi mer konnten héieren, e klenge Projet, also e kuerze legislativen Text, deen awer, mengen ech, fir déi concernéiert Leit eng grouss Bedeitung huet. An déi Concernéiert, dat sinn ebe jonk Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wëllen de Bac international maachen, entweder a franséischer oder an englescher Sprooch, a laut der aktueller Gesetzgebung véier Joer Däitsch an der Schoul musse beluecht hunn, an an der zukünftiger Phas dann eben en Niveau mussen erreechen.

Et ass jo eigentlech dat, wat mer wëllen, dass déi Méisproochegkeet garantéiert bleift, an dass dat elo ebe geschitt iwwer een international unerkannte Wee. Dat geschitt ouni Qualitéitsverloscht. Et ass also e Projet, deen, mengen ech, ganz am Sënn vun der Saach ass, a virun allem och vun de Leit, déi et concernéiert.

D'Argument ass nach zousätzlech unzeféieren, dass jo souwisou och dat Däitsch, wat verlangt gëtt, an der Schoul net méi an och am Examen net méi ofgefrot gëtt, deen Examen, dee jo och international zu Genf ausgewäert gëtt.

Wichtig ass dëse Projet eigentlech fir dräi Kategorië vu Leit, oder vun dräi Argumenter, déi et dozou gëtt. Dat eent si selbstverständlech déi jonk Leit. 103 Studenten, konnte mer liesen an héieren, sinn de Moment an déi do Filiëren ageschriwwen vun 33 verschiddenen Natiounen, dovunner och sechs Lëtzebuerger. Fir si a fir déi, déi hannendru kommen, ass dat doten, mengen ech, eng gutt Saach.

Wichtig ass dat selbstverständlech fir hir Elteren. Dat sinn dacks Employéë mat internationalem Statut, dat si Leit, déi vun auswäerts op Lëtzebuerg kommen a fir déi déi Regelung hei eng Vereinfachung vun hirem Liewe bedeit.

An u leschter Stell ass dat eng Regelung, déi, mengen ech, e Puzzlestück am Gesamtbild vun engem frëndleche Lëtzebuerg, vun engem attraktive Standuert, fir ze wunnen an ze schaffen, duerstellt, also och am Sënn ass vun den Institutionen, vu Land a Leit, wéi een dat kann zesumme formuléieren.

Dat gesot, wëll ech der Regierung an der Ministesch Merci soe fir dëse Projet, dee wirklech, mengen ech, e sënnavollen, gudde a wichtige Projet ass, an den Accord gi vun der CSV-Fraktioun.

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Schaaf Merci. Als nächste Riedner ass den Här Bauler agedroen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler (DP).** - Merci, Här President. Mat dësem Projet de loi gëtt an deem Sënn innovéiert, datt net méi, wéi gesot, wéi d'Virriedner scho gesot hunn, d'Dauer vun de Studien an der drëtter Sprooch considéiert gëtt, fir zum Examen zougelooss ze ginn, mä de Wëssensniveau, an dësem Fall den Niveau A2.

Ech schlësse mech och gären der Remarque vum Här Schaaf iwwert de Standuert, beziéungsweis d'Standuertfro un: Et ass sécherlech ee Bäitrag dozou.

Als DP-Fraktioun begrësse mer natierlech dës noutwendeg Upassung, déi eiser Meinung no eng méi objektiv a gerecht Konditioun duerstellt, a ginn dann och den Accord zu dësem Gesetzesprojet.

Ech sinn dann och besonnesch frou, datt de Bac international och elo bei der LSAP Uklang fënnt, net wéi au départ, wou de Gros vun der Fraktioun dergéint war.

(Interruptions)

Ofschlëssend wëll ech dem Rapporteur, dem honorabelen Här Fernand Diederich, fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Bericht félicitéieren an, wéi gesot, den Accord vu menger Fraktioun ginn.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Bauler Merci. Als nächste Riedner ass den Här Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech fänken do un, wou den Här Bauler opgehal huet: Ech soen dem honorabelen Här Bim Diederich Merci fir säin ausféierleche Rapport.

Mam Projet de loi 6064 wëlle mer d'Gesetz vum 21. Juli 2006 iwwert d'Schafung vun internationale Klassen, déi zum Bac international féieren, op engem eenzege Punkt emänneren.

Am Gesetz vun 2006 stoung, datt ee misst eng drëtt Sprooch wéinstens véier Joer laang studéiert hunn, fir kënnen de Bac international an engem öffentlecher Schoul zu Lëtzebuerg ze maachen. Dat ass eng Konditioun, déi näischt mam Bac international ze dinn huet. Mir haten hei eng spezifesch Lëtzebuerger Klausel agefouert.

Elo huet sech awer erausgestallt, datt déi Konditioun vum ale Gesetz, véier Joer eng aner Sprooch studéiert ze hunn, net vill Wäert ass. No véier Joer Studium gëtt et Leit, déi vill wëssen, an et gëtt der, déi wéineg wëssen. Do derniewent, an dat ass vill méi grave, gëtt et Leit, déi keng véier Joer eng Sprooch studéiert hunn an duerfir net zum Ofschlossexamen konnten zougelooss ginn, an awer e ganz héijen Niveau an där Sprooch erreecht hunn.

Duerfir steet am neie Gesetz, wat mir elo debattéieren, déi drëtt Sprooch misst een an engem Niveau A2 kennen, an zwar referéiere mer eis do op den Niveau A2, wéi en am gemeinsame Referenzkader fir d'Sprooch vum Conseil de l'Europe definiert ginn ass. Dës Approche schéngt eis méi logesch wéi déi am ale Gesetz. Duerfir wäerte mer och net géint dat Gesetz stëmmen.

Mir froen eis allerdéngs, ob mir net besser op dës spezifesch Lëtzebuerger Solutioun fir den Zougang zum Bac-international Exame sollte verzichten. Et gëtt hei jo just eng Barrière opgebaut, fir en Ofschloss ze kréien. Mir fannen et scho positiv, datt mer alle Bac-international-Studenten d'Chance ginn, eng drëtt Sprooch ze léieren. An dat ass bis elo an deenen zwou Schoulen, déi dee Studiegang ubidden, déi däitsch Sprooch. Esou ass et och begrëssenswäert, datt et zum Beispill am Lycée technique du Centre fir d'Bac-international-Studenten heescht: «L'allemand est enseigné à un niveau adapté. Les débutants sont acceptés en classe de quatrième.» Dat fanne mir ganz gutt. D'Zilgrupp si jo jonk 15- a 16-jähreger, déi rezent an d'Land komm sinn.

D'Lëscht vun den Nationalitéiten, den Här Schaaf huet et och ugeschwat, vun den aktuelle Studenten ass beandrockend. Et sinn 33 verschidden Nationalitéiten, a just knapp 6% si Lëtzebuerger.

Et schéngt eis net ganz logesch ze sinn, dëse jonke Leit aus allen Häre Länner an A2 an der däitscher Sprooch ofzeverlaangen, fir zu dësem Examen zougelooss ze ginn, zumools wou dësen Examen déi däitsch Sproochkenntnisser weder préift nach certifiéiert.

Mir ersetze mat dësem Gesetz eng strikt Konditioun aus deem ale Gesetz duerch eng aner strikt Konditioun, déi eis zwar méi sënnavoll erschéngt, wou mir awer mengen, datt se eben, well se esou strikt ass, erëm eng Käier zu Problemer an der Praxis wäert féieren, a mir ginn duerfir eis Zoustëmmung zu dësem Gesetz net. Déi gréng Fraktioun wäert sech beim Vote zu dësem Gesetz enthalen.

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Adam Merci. Als leschte Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der ADR wëllt ech och eise

Rapporter e grouse Merci fir säin ausgezeechente Rapport soen. D'ADR kann dee Projet hei matstëmmen, mä si mécht et awer ouni Begeeschterung. Mir maachen et am Interessi vun deene meeschtens ausländesche Kanner, déi hei sinn, als Kontributioun selbstverständlech zum Standuert Lëtzebuerg am ekonomesche Beräich an och am politesche Beräich, eben, well och vill Diplomatekanner concernéiert sinn.

Ech wëllt awer e puer Punkten hei däitlech ënnersträichen. Den éischten ass, datt d'ADR un der Dräisproochegkeet vun eise Unterrechtssystem ganz allgemeng festhält, an zwar heescht dat fir eis, datt ee muss déi dräi Sproochen op engem gläich héijen Niveau kënnen beherrschen. D'Regierung huet ugekënnegt, datt se wëllt vun deem Prinzip ewechgoen: Mir sinn net domadder d'accord.

De Bac international ass zwar äquivalent mat enger Lëtzebuerger Première, mä de Statsrot seet eis jo och, datt deen Niveau am Däitsche just den A2 ass, also just Primärschoulsniveau. Dat geet eis net duer. De Bac international dierf keng Auswäichméiglechkeet gi fir Leit, déi hei am Land wëllen eng Lëtzebuerger Première maachen, déi awer dem Sproochenniveau am Däitsche wëllen aus dem Wee goen.

Här President, d'Madame Minister huet ouni Zweifel Recht, wa si festgestallt huet, datt véier Joer Däitsch an enger Schoul net méi vill ausseet. Dat huet och ze di mat dem Kompensatiounssystem, dee mir hei an eise Schoulen hunn. Wie véier Joer Däitsch kompenséiert, huet zwar véier Joer Däitsch gemaach, mä herno effektiv ganz wéineg Wëssen. Och fir eis erëm eng Geleeënheet, fir dorun ze erënneren, datt, wa mer gär Schoule mat Niveau hätten, d'Kompensatioun muss komplett verschwannen.

Ech wëllt aus Aktualitéitsgrënn nach op verschidden Emfreen agoen, déi och a leschter Zäit hei gemaach gi sinn. De Moien ass fir d'éischt der Chamber an duerno der Press d'Etüd PIRLS virgestallt ginn.

Ech wëll also duerfir vläicht nach kuerz e Wuert soen iwwer eng aner Etüd, déi d'Madame Delvaux fir 200.000 Euro maahe gelooss huet. Dat ass déi ICCS, déi „International Citizen and Citizenship Study“. Déi Etüd ass fir eis net akzeptabel. D'Schüler goufe gefrot, fir Informatiounen mat privatem Charakter iwwer hir Famillje bekannt ze ginn. D'Schüler krute vun der EMACS-Zell vun der Universitéit, mat der Erlaabis selbstverständlech vun der Unterrechtsministesch, Froe gestallt, wéi zum Beispill, wéi vill Buedzëmmere si doheem hunn. Si krute Froen iwwert d'Nationalitéit an d'Behuelen an der Gesellschaft gestallt, déi an den Ae vu ganz ville Leit seriö ethesch Froen opwerfen.

Niewebäi bemierkt hunn ech misse feststellen, datt déi Leit bei de politesche Froen amplaz ADR fir meng Partei ARD geschriwwen hunn,...

(Hilarité)

...an dat si mer jo soss just aus der satirescher Press gewinnt. Et sollt awer an engem Unterrechtsministère, Madame, net geschéien.

Wéi ass et méiglech, datt eis Kanner Froe gestallt kréien, wéi zum Beispill, ob d'Kanner mengen, datt ee muss eng gewësse Relioun hunn, fir kënnen Lëtzebuerger ze ginn? Wéi ass et méiglech, datt Froen iwwert d'Nationalitéit gestallt ginn, déi tendenziös sinn an net der aktueller Législatioun iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit entspriechen?

Déi ICCS-Etüd soll dräi Joer daueren, dräi Joer Sue kaschten an dräi Joer ethesch Froen opwerfen. Mir mengen, datt domadder Schluss gemaach soll ginn.

Nach e Wuert zur PIRLS-Studië an iwwert den Niveau, deen do gefrot ass. Et ass vläicht interessant, mir hunn dat de Moie gesinn, wou déi Etüd eis presentéiert ginn ass, wat do an deem franséischen Text eigentlech drastoung fir d'Franséisch, dat eise Kanner presentéiert ginn ass.



Do war eng kleng Geschicht, déi d’Kanner hu misse verstoen, do war d’Haaptfigur en Annette, an d’Annette huet sech an der Geschicht niddergeknéit. Et ass eng sympathesch Geschicht. Et huet sech iergendwéi niddergeknéit, an dat heescht am Franséische vun der Madame Delvaux hirem Ministère: „Annette s’est mise à genouilles.“

► **Une voix.**- Oh!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- An dat ass awer kee Franséisch!

Ech soen Iech Merci.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Kartheiser Merci. Elo huet d’Regierung d’Wuert: d’Erzéiungsministesch Madame Mady Delvaux-Stehres.

► **Mme Mady Delvaux-Stehres**, *Ministre de l’Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt dem Rapporteur villmools Merci soe fir säi Rapport och zum Bac international, deen hie bruecht huet. Ech denken, dass mer, och wa liicht Divergenze bestinn, e Konsens hunn, dass et gutt ass, dass mer de Bac international zu Lëtzebuerg - an ech insistéieren - an der öffentlecher Schoul hunn.

Dat ass e Gesetz vun 2006, wat ech hei presentéiert hunn, an dat huet och deemools breet Zoustëmmung fonnt an der Chamber, well mer alleguerten agesinn hunn, dass Lëtzebuerg e Land ass, wou vill Leit hikommen, och vill jonk Leit, an dass eiser aller Intérêt doranner besteet, de Kanner, deene Jonken, déi op Lëtzebuerg kommen, och wa se méi spéit an d’Land kommen, eng Méiglechkeet ze ginn, fir sech esou héich wéi méiglech ze qualifizéieren. An de Bac international an der öffentlecher Schoul ass eng Méiglechkeet dovunner. Dat ass net déi eenzeg, mä dat ass eng Méiglechkeet.

Well mer awer zu Lëtzebuerg och déi Suerg hu vun der Villsproochegkeet, vun der Mehrsproochegkeet, an dass mer eis kënnen op Däitsch, Franséisch, wat eis administrativ Sprooch sinn niewent dem Lëtzebuergeschen, dass déi Leit, déi laang zu Lëtzebuerg liewen, sech an deene Sprooch kënnen erëmfannen an ënnereene kommunizéieren, hat Lëtzebuerg schonn 2002 festgehalten, wéi dann iwwerhaupt d’Unerkennung vum Bac international oder d’Gläichstellung vum Bac international mam Lëtzebuergeschen Premiësexamen deemools schonn am Gesetz festgehale gi war, dass zu Lëtzebuerg Däitsch e wichtegt Element wär, well mer déi Suerg hu vum Zesummeliewen hei, an dass een also misst Däitsch als supplementar Konditioun froen niewent deenen zwou Haapt-sprooch vum Bac international, déi da Franséisch an Englesch sinn.

Ech wollt och iwwert dës Ännerung, déi hei proposéiert ginn ass, fir eigentlech eng Konditioun vu véier Joer Däitsch léieren ze ersetzen duerch d’Erreeche vum Niveau A2 am Däitschen, eigentlech net un déi fundamental Diskussioun erugeen, ob mer kënnen zu Lëtzebuerg soen, dass een duerch d’Lëtzebuergeschen Schoul ka goen, ouni iwwerhaupt Däitsch geléiert ze hunn, well Däitsch jo e wichtegt Element ass fir d’Zesummeliewen hei, an duerfir hunn ech déi Diskussioun net opgemaach. Ech wär och der Meinung, besonnesch wann ech hei d’Riedner héieren, dass mer awer nach ëmmer e Konsens hunn, dass déi dräi Sprooch fir Lëtzebuerg wichteg sinn, dass een allerdéngs net vu jiddwerengem an deenen dräi Sproochen déiselwecht Konditioun soll verlaangen. Dat ass eng Illusioun.

Ech kenne ganz wéineg Leit, déi am Lëtzebuergeschen, Däitschen a Franséischen an och nach am Engleschen deeselwechten Niveau an deene véier Sproochen hunn. Duerfir denken ech, dass et illusoresch ass vun de Leit, ze behaupten, dass dat muss d’Regel si fir alleguerten d’Kanner, déi an d’Lëtzebuergeschen Schoul ginn.

Ech gesinn hei entrüστε Gesichter. Wahrscheinlech sëtzen heibanne ganz illuster Ausnahmen a lauter Leit, déi déi véier

Sproochen op deemselwechten Niveau beherrschen!

(**Brouhaha général**)

Duerfir wëll ech alleguer, déi heibanne sinn, aushuelen aus där doter Regel.

(**Interruption**)

An duerfir freeën ech mech iwwert de Konsens zu dëser klenger Ännerung un deem Projet.

Ech wollt eigentlech net äntwerten, net agoen, well et eigentlech net zum Débat gehéiert, op international oder national Etüden. Ech wollt zwou Saache just richtigstellen. Et ass richtig, dass de Ministère vun der Éducation nationale décidéiert huet, zesumme mat Ofsprooch an der Regierung, dass mer géifen un enger internationaler Etüd deel huelen iwwert d’Citoyenneté, well dat jo e wichtege Begrëff ass, a well mer eigentlech praktesch keng Informatioun hunn iwwert d’Wëssen an awer och d’Astellung vun de Lëtzebuergeschen Jugendlechen zu deem wichtige Thema awer: Wat ass e Bierger? Wat denke mer? Wéi behuele mer eis? A wat ass wichteg zum Beispill iwwert déi transversal Kompetenzen, well mer jo ëmmer soen, d’Schoul soll net nëmme Wësse vermëttelen, mä soll och Bierger erubilden, dass mer eng Iddi hätten, wou mer géifen dostoen.

Et ass eng international Etüd, ICCS genannt, a mir hunn d’Uni Lëtzebuerg domat chargéiert, fir déi Etüd fir de Lëtzebuergeschen Ministère ze maachen. D’Uni huet dorunner en nationale Questionnaire gehaangen, deen ënnert der Verantwortung vun der Universitéit Lëtzebuerg gemaach ginn ass. Ech iwwerhuele gären all Verantwortung, fir déi ech zoustänneg sinn, awer ech géif mengen, déi Plaz, wou een déi Froen, déi den Här Kartheiser hei opgeworf huet, misst diskutéieren, dat wär mat der Uni Lëtzebuerg.

Ech wëllt Iech och soen, dass mer de Moment nach kee Feedback hunn iwwert déi Informatiounen, iwwert déi Froen, déi do gesammelt gi sinn, an dass mer ganz bestëmmt, an ech wollt domadder fir d’éischt an d’Chamberskommissioun kommen, d’Geleeënheet hunn, doriwwer ze diskutéieren, wou ech dann eise Partner, d’Universitéit Lëtzebuerg, selbstverständlech gär derbäi hätt, fir en toute objectivité an ouni Polemik iwwert déi Froen hei ze schwätzen.

Dann ee Wuert: Et ass falsch, dass de Moien d’PIRLS-Etüd virgestallt ginn ass. PIRLS war 2006, an déi Etüd ass scho virun zwee Joer virgestallt ginn. Mir hunn als Lëtzebuergeschen Zousazstudie gemaach, fir ze kucken, wéi eng Liesekompetenz d’Kanner, eis Schüler am sechsten Schouljoer am Däitschen an am Franséischen hunn.

Mir hunn, fir déi national Etüd ze maachen - déi ass nëmmen national - Texter vu PIRLS benotzt, also déi Texter, déi international ausgeschafft gi ware fir d’PIRLS-Etüd. Do si véier Texter fräi, déi d’Länner kënnen fräi benotzen, an déi hu mir benotzt, fir zu Lëtzebuerg déi Etüd ze maachen. Déi ass vun engem Konsortium gemaach ginn: Universitéit Tréier, Dortmund, Bamberg, Berlin a Lëtzebuerg. Et ass also net nëmmen d’Universitéit Lëtzebuerg. Do sinn déi Texter benotzt ginn, op déi den Här Kartheiser elo Referenz gemaach huet, an déi Texter sinn esou iwwerholl ginn, wéi se an der internationaler Etüd erausgaange sinn.

Déi franséisch Texter si vu Frankräich, der Belsch a Kanada, zesummen hu se den - wéi soll ech dat nennen? - den „go“ kritt, fir därer publizéiert ze ginn. An deem Text ass effektiv e franséische Feeler dran. Dat ass net e Lëtzebuergeschen Text, dat ass en Text, wéi gesot, dee vun engem internationalen Gremium erausgestallt ginn ass, an do steet amplaz „Genou“ „Genouille“.

Do hu mer dann eng Diskussioun gefouert, ob mer dee Feeler sollte redresséieren, wa mir déi Texter vun der PIRLS iwwerhuelen, an ob mer se solle verbesseren, an do hunn d’Experten décidéiert, fir dass mer de Verglach kéinte maachen, vu dass déiselwecht Texter schonn 2006 bei PIRLS gebraucht gi sinn - also, ech war un der Diskussioun net bedeelegt -, déiselwecht Texter dës Kéier nach eng Kéier ze gebrauchen. Dat erkläert, firwat elo do e Feeler ass.

Ech wollt dem Här Kartheiser awer félicitéieren fir seng Perspicacitéit, well hie war deen Éischten, deen de Moien dee Feeler direkt gesinn huet während der Virstellung. Wéi d’Experte geschwat hunn, hat hien zilbewusst direkt de Feeler entdeckt.

Also, Félicitatiounen, ech denken, dass den Här Kartheiser eng Vocation verpasst huet.

(**Brouhaha et hilarité**)

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, géif ech Iech Merci soe fir de Support, also fir d’Zoustëmmung zu dësem Gesetz, an ech froen, dat dann och esou ze stëmmen.

Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen der Madame Erzéiungsministesch Merci. Den Här Kartheiser freet nach eng Kéier d’Wuert. Här Kartheiser, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President, villmools Merci. Ech soen der Madame Minister selbstverständlech Merci fir déi Komplimenter, déi ech krut, awer duerfir huelen ech d’Wuert net.

Ech wollt elo just nach eng Kéier soen, dass ech awer mat deem Prinzip net d’accord sinn, dass en Unterrechtsminister hei steet an d’Verantwortung fir eng Etüd, déi an eise Schoule gemaach gëtt, op d’Universitéit ofwält.

Ech mengen, mir hunn e Minister, dee kompetent ass fir dat, wat an eise Schoule geschitt, an dozou gehéiere selbstverständlech och Etüden, déi an deene Schoule gemaach ginn. Et ass net politesch oninteressant, fir ze wëssen, wéi e Genre vu Froen eise Schüler do gestallt gëtt, an ech fannen et politesch net korrekt, fir sech dann aus där Verantwortung wëllen erauszestelen.

Entweder et ass een Unterrechtsminister an et huet een d’Verantwortung fir dat, wat an de Schoule geschitt, oder et kann een déi Verantwortung net droen.

Ech soen Iech Merci.

► **Une voix.**- Au vote!

► **M. le Président.**- Sou, mir kommen... Jo, d’Madame Erzéiungsministesch wollt nach reagéieren.

► **Mme Mady Delvaux-Stehres**, *Ministre de l’Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Ech wollt ganz kuerz nach eng Kéier soen, dass ech selbstverständlech all d’Verantwortung iwwerhuelen, dass ech awer gär hätt, dass mer sollen a Rou eng Kéier iwwert dee Questionnaire diskutéieren an eis net op satiresch Zeitungen an iergendwelchem Communiquéë beruffen, fir doriwwer ze diskutéieren. Mä ech hale vill vun objektiven Débaten, an duerfir hunn ech gesot, ech géif gär fir d’éischt an der Chamberskommissioun doriwwer diskutéieren, an dann dorausser Konklusiounen zéien, an ech wär dankbar fir d’Objektivitéit vum Débat, wa mer dat kéinte roueg maachen.

Merci.

(**Brouhaha général**)

► **M. le Président.**- Sou, mir kommen awer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6064.

Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmme fänkt un. Fir d’éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6064 ass ugehall mat 53 Jo-Stëmmen a 7 Enthaltungen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Jean-Paul Schaaf), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Nancy Arendt), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par M. Ben Fayot), Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Carlo Wagner), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

(**Négation**)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kéimen dann elo zum leschte Projet de loi vun haut, dem Projet de loi 6031, enger Ofännerung vum Statsbeamtestatut. D’Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Bis elo si schonn ageschriwwen: déi Hären Etgen, Klein, Gibéryen an Hoffmann.

D’Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d’Wuert.

5. 6031 - Projet de loi modifiant et complétant

a) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l’État;

b) la loi modifiée du 27 janvier 1972 fixant le régime des employés de l’État;

c) la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux;

d) la loi modifiée du 15 juin 1999 portant organisation de l’Institut national d’administration publique

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Simplification administrative

► **M. Paul-Henri Meyers** (CSV), *rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 6031, dee véier verschidde Gesetzter ofännert, léisst a sengem Intitulé net erkennen, wat dann de wierkelechen Objet vun deem Gesetz ass. Duerfir wëll ech och an der Aféierung vu mengem Rapport kuerz drop hiweisen, wat dann d’Zilsetzung ass. Déi kann een nämlech a véier oder fënnf Punkten zesummefaassen.

Den Text soll:

éischtens, den Zougang vun de Bierger aus der Europäescher Unioun zu der Lëtzebuergeschen Fonction publique regelen;

zweetens, nei Bestëmmungen aféieren iwwert d’Sproochkenntnisser vun de Kandidaten, déi bei der Fonction publique agestellt wëlle ginn, an den INAP, den Institut national d’administration publique, mat der Kontroll vun deene Sproochkenntnisser chargéieren;

drëttens, den INAP nei strukturéieren an em d’Méiglechkeet ginn, nei Formationscoursen unzibidden;

véiertens, d’Employéen, déi duerch dat neit Schoulgesetz vum Stat iwwerholl goufen, mat den Employéë vum Stat gläichstellen, wat hir Pensiounsrechter ugeet;

fënneftens, déi rechtlech Situatioun vun deenen Employéë sécherstellen, déi am Laf vun deene leschte Joren duerch d’Bestëmmunge vun de Budgetgesetzter agestellt goufen.

U sech géif dat jo schonn duergoen. Ech erlabe mer awer, an den Detail vun deene fënnf Punkten anzegoen fir déi Kolleegen, déi dat och interesséiert.

Éischtens, zum Zougang zu der öffentlecher Funktioun fir EU-Bierger. An deenen dräi Gesetzter iwwert de Statut vun de